



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8081 vum 8. Juni 2023 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

Wat déi zwee Dossieren ugeet, esou handelt et sech ëm zwee verschidden Auditen. D'Direction de l'Aviation Civile (DAC) huet Restriktiounen ausgeschwat wéinst feelenden Zertifikater vun de Kompetenzniveaue vun den Techniker vun der Administration de la Navigation Aérienne (ANA). Dës sinn noutwenneg fir verschidden Zorte vu Maintenance un den techneschen Ekipementer kenne konform duerchzuféieren. D'ANA huet doropshin zousätzlech Formatiounen ugefrot fir déi noutwenneg Zertifikater ze kréien, fir dass d'Restriktiounen dann esou séier wei meiglech kennen opgehewe ginn.

Wat d'Fro iwwer déi héich Unzuel vun Défaillancen ugeet, soll drop higewise ginn, datt dëst d'Resultat vun enger Successioun vun Evenementer ass, déi haaptsächlech ob eng feelend Antizipatioun vun der Ëmsetzung vun existéierenden europäeschen Obligatiounen zereck geht. Dëst betrëfft am Moment haaptsächlech de CNS-Domän (Kommunikatioun, Navigatioun, Iwwerwaachung), dee rezent vun engem ganz héije Personalausfall betrëfft ass.

Zu de Verspéidungen, bzw. Ausfäll, vu Flich kann ee soen datt dës normalerweis op verschidde Grënn baséieren, wéi zum Beispill op technesche Pannen, schlechte Wiederkonditiounen, der maximaler Kapazitéit vu verschidde Loftraim, Streik vu verschidden Acteuren aus der Loftfaart etc. Deemno ass et net méiglech, den Impakt vun dëse Restriktiounen op eenzel Flich genee ze bezifferen.

Et sief drun erënnert dass d'Audite vun der DAC als Kontrollautoritéit gemaach gi fir sécher ze stellen dass déi international an europäesch Reglementer agehale ginn, dëst ëmmer mam Ziel fir d'Sécherheet um Fluchhafen ze assuréieren. Bis elo ginn et keng Indizien dofir, datt sech dës Restriktiounen vun de Landungen negativ géingen op d'Reputatioun vum Fluchhafen Lëtzebuerg auswierken. Vu Säite vun de Fluchgesellschaften ginn et keng Informatiounen iwwert e reellen Impakt ob hir Aktivitéiten. Dës Restriktiounen féieren am Eenzelfall zu Verännerungen vun de Landezäiten.

lux-Airport zitt och weiderhin Landetaxen an, dës bleiwen no den normale Reegelen och weider fälleg. Et gouf bis haut nach keng Annulatioun vu Flich oder Ëmleedungen wéinst den aktuell gëltege Limitatiounen, dohier och keng Verloschter op Säite vu lux-Airport.

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch